EURO 22 - LUXEMBOURG

ERKLÄRUNG VUM ENQUETEUR N°.....

Ech erklären dass dëse Protokoll richteg an éierlech d'Interviewgespréich erëmgët dat ech selwer geféiert hun mat enger Persoun, déi mir virdrun nët perséinlech bekannt war. D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemat gin, an de Protokoll ass während dem Gespréich ausgefëllt gin.

DAUER / GESPRÉICH.....DATUM.....NUMM + ENNERSCHREFT ENQUETEUR.....

122. Sid Dir Lëtzebuerger Ärer Nationalitéit no?
WA JO: Wësst Dir op Dir an de Wiélerlëschten agedroen sid?
Sid Dir op Ärem Haaptwunnsëtz agedroen oder sossanzwousch?
WA NEE: NET WEIDER ENQUETEIEREN ENG ANER PERSOUN SICHEN
1 - Ass op sengem Haaptwunnsëtz agedroen
2 - Ass anzwousch anescht agedroen
3 - Wees nët op hien (sie) agedroen ass
4 - Ass nët agedroen
5 - ?

123. Wat Iech selwer ubelaangt, mengt Dir datt d'nächst Joer - 1985 - besser oder manner gut gët ewéi 1984?
1 - besser
2 - manner gut
3 - bleiwt selwecht
0 - ?

124/125. Wann Dir un d'nächst Joer - 1985 - denkt mengt Dir datt...

124. - d'Zuel vun de Streiks an den Sozialkonflikter hei zu Lëtzebuerg eropgeet, erofgeet oder um jetzegen Niveau bleiwen wärt?
1 - geet erop
2 - geet erof
3 - selwechte Niveau
0 - ?

125.- et zimlech e rouegt Joer gët ouni vill international Konflikter oder en onrouegt Joer mat villen internationalen Streidereien, oder bleiwt et d'selwecht wéi bis elo?
1 - zimlech roueg
2 - onroueg
3 - bleiwt selwecht
0 - ?

126. Hei gesit Dir eng Art Skalaire.
KAART A WEISEN
Wéi héich schätzt Dir d'Gefor vun engem Weltkrich an denen nächsten 10 Joer? Kënnt Dir mir dat un Hand vun dësem Skalaire weisen?
Y - 100 - Weltkrich sécher
X - 90 -
0 - 80 -
1 - 70 -
2 - 60 -
3 - 50 -
4 - 40 -
5 - 30 -
6 - 20 -
7 - 10 -
8 - 0 - keng Krichsgefor
b - ?

127. Wéi mengt Dir datt d'allgemeng Wirtschaftslag sech hei am Land, während denen leschten 12 Méint, geännert huet? Mengt Dir sie wir...
1 .. vill besser gin
2 .. e bëschen besser gin
3 .. d'selwecht bliwwen
4 .. e bëschen manner gut gin
5 .. vill manner gut gin
0 .. ?

128. As d'Finanzlag vun Ärem Stot, am Vergläich mat virun 12 Méint, am Moment...
1 .. vill besser
2 .. e bëschen besser
3 .. d'selwecht
4 .. e bëschen manner gut
5 .. vill manner gut
0 .. ?

29. Hut Dir eng bezuelten Beschäftigung? WA JO, wéi eng vun denen folgenden Formuléierungen passt op är Situatioun?
KAART B WEISEN
1 - Dir sid de Patron
2 - Dir sid selbstännech
3 - Dir sid salariéiert
4 - Anere Fall vun bezuelten Beschäftigung
5 - Ouni bezuelten Beschäftigung

30. Sid Dir bestued?
1 - Jo
2 - Nee ⟶ Fro 145

UN ALL BESTUEDE LEIT

31. Wéi eng vun denen folgenden Formuléierungen passt op äre Partner?
KAART B WEISEN
1 - Patron
2 - Selbstännech
3 - Salariéiert
4 - Aner Fall vun bezuelten Beschäftigung
5 - Ouni bezuelten Beschäftigung ⟶ Fro 145

32. Huelt Dir op déi eng oder déi aner Weis un der Berufsaktivitéit vun Ärem Partner deel, an, WA JO, wat fir eng Formuléierung trëfft am beschten op Äre Fall zou?
1 - Dir hëlleft Ärem Partner bei verschidden speziellen Aufgaben (z.B. Comptabilitéit, Telefon beentwerten, sech ëm d'Akaafen bekëmmeren ....)
2 - Dir schafft zu engem wichtegen Deel fir Äre Partner
3 - Dir an Äre Partner schafft zu engem gléichen Deel zesummen
4 - Näischt vun all deem ⟶ WEIDER MAT FRO 145.

33. Em wat fir eng Aktivitéit handelt et sëch?
1 - Landwirtschaft, Fëscherei
2 - Handel
3 - Handwierk, Industrie
4 - Fräie Beruff (Avekot, Dokter ....)
5 - Aner Aktivitéit

UN JIDFEREEN

145. Denkt Dir dass et haut zu Lëtzebuerg en Energieproblem gët?
WA JO: Denkt Dir dass et e ganz schlëmmen, een zimlech schlëmmen oder kee ganz schlëmmen Problem as?
146. An an 10 Joer, denkt Dir dass et zu Lëtzebuerg en Energieproblem wärt gin?
WA JO: Denkt Dir dass dee Problem ganz schlëmm, zimlech schlëmm oder nët ganz schlëmm sin wärt?

145 Haut	146 An 10 Joer	
1	1	- Ganz schlëmm
2	2	- Zimlech schlëmm
3	3	- Nët ganz schlëmm
4	4	- Kee Problem
0	0	- ?

147. Verschidde Länner mussen bal all Energie déi Sie brauchen am Ausland kaafen, (Petrol, Gas, Kuehlen, Elektrizitéit ..). Aner hun bal alles wat se un Energiequellen brauchen. Kënnt Dir mir soen, un Hand vun dëser Tabell vun 1 - 10, an wat vir engem Mos Lëtzebuerg säin Energiebedarf decken kann, ouni vum Ausland ze kaafen?
KAART H WEISEN

Muss bal alles am Ausland kaafen	1	2	3	4	5	6	7	8	9	10	Kann säin gesamten Bedarf aus eegen Quellen decken
	1	2	3	4	5	6	7	8	9	X	
										? = BLANK	

148/ 149. Et gët verschidden Weltregiounen déi eisem Land Energiestoffer liweren kënnen. Wat fir eng Regiounen schëngen Iech sécher als Lieferant fir d'Zukunft, an wat fir eng Regiounen schëngen Iech nët sécher?
KAART I WEISEN MEI ENTWERTEN MEIGLECH

148 sécher	149 nët sécher	
1	1	- D'Länner vun der Europäescher Gemeinschaft (Marché Commun)
2	2	- Aner Westeuropäesch Länner
3	3	- Nordafrika
4	4	- D'Sovjetunion an d'Länner vun Osteuropa
5	5	- Südamerika
6	6	- Südafrika
7	7	- Vereenegt Staaten a Kanada
8	8	- Mëttleren Orient
9	9	- Zentralafrika
X	X	- Australien
0	0	- ?

150. Wat d'Zukunft vu Lëtzebuerg am Beräich vun der Energie ugeet, si verschidden Méiglechkeeten viraus ze gesin aus denen gewielt muss gin. Wat as Ärer Meenong no d'Haaptziel ....
1 .. den nidrechsten Préis, esouguer wann mir doduerch méi ofhängeg vum Ausland gin.
2 .. esou wéineg wéi méigleg vum Ausland ofhängeg sin, och wann dat méi deier as.
3 .. déi mannste Verschmotzung och wann dat méi deier as oder eng méi grouss Ofhängegkeet mat sëch brëngt.
0 - ?

151/ 152. Et kann een un verschidden Léisungen fir d'Problem vun der Engergieversuergung zu Lëtzebuerg denken. Vun denen Léisungen déi ech Iech elo weisen, wéieng schëngt Iech die bescht ze sin? An wéieng die zweetbescht?
KAART J WEISEN

151 die bescht	152 zweetbescht	
1	1	- Am Ausland kaafen oder firun am Ausland kaafen, wat eis un Energie fehlt
2	2	- Méi Forschung maachen fir de Gebrauch vun Energiequellen, déi sëch ëmmer erem erneieren, ze perfektionnéieren an ze entweckelen (z.B. Sonnenenergie, Biomasse)
3	3	- D'Produktioun vun Atomenergie entweckelen
4	4	- D'Traditionnel Energiequellen (wéi z.B. Kuehlen, Briketten, Torf ....) verstärkt asetzen oder erem a Betrieb setzen
5	5	- Energie spueren
0	0	- ?

153. Géift Dir soen dass am Moment, (zu Lëtzebuerg) eng Energieverschwendung besteht? WA JO: Géift Dir soen eng ganz grouss, eng zimlech grouss oder keng grouss Verschwendung?
1 - Ganz grouss
2 - Zimlech grouss
3 - Keng grouss
4 - Keng Verschwendung
0 - ?

154. Wann et néideg gët fir de Gebrauch vun Energie ze reduzéieren, mengt Dir dass d'Offentlech Verwaltungen Energiespuermosnahmen gesetzlech opzwéngen oder nëmmen uroden missten?
1 - Energiespuermosnahmen gesetzlech opzwéngen
2 - Uroden Energie ze spueren
0 - ?

155/ 157. D'Offentlech Verwaltungen kënnen op verschidden Art a Weis finanziell an den Energieberäich agräifen. Fir all eenzelne Fall deen ech Iech elo nennen, denkt Dir dass e Financement aus öffentlechen Gelder dofir ganz berechtegt, zimlech berechtegt, kaum berechtegt, oder guer nët berechtegt as?

155. Finanzement vun Forschung iwwert nei Formen vun Energie.
156. Finanziell Hëllef un Privatleit déi Installationskäschten machen fir Energie ze spueren.
157. Subsiden fir verschidden Formen vun Energie fir de Verkaafspräis un d'Gebraucher erofzesetzen.

155	156	157	
1	1	1	- Ganz berechtegt
2	2	2	- Zimlech berechtegt
3	3	3	- Kaum berechtegt
4	4	4	- Guer nët berechtegt
0	0	0	- ?

158. Denken mir un d'Energie fir Lëtzebuerg an denen nächsten 10 Joer: wéien Energieträger schéngt Iech am stabilsten am Préis? KAART K WEISEN

159. An wat fir een Energieträger schéngt die sécherst Versuergung ze bidden?

160. An wat fir een schéngt Iech fir d'Zukunft dee mannsten Verschmotzungsrisiko ze brëngen?

158 Stabil Préiser	159 Sécher Versuergung	160 Mannste Verschmotzung	
1	1	1	- Fest Brennstoffer (z.B. Kohle, Braunkohle, Torf)
2	2	2	- Petrol
3	3	3	- Naturgas
4	4	4	- Nuklearenergie
5	5	5	- Erneierungsfähig Energieträger (Sonnenenergie, Biomasse, Gezeitenenergie (Ebbe und Flut), etc)
0	0	0	- ?

161/163. Hei as eng Rei vu Problemer, déi sech am Moment stellen. Kënnt Dir mir fir all Problem soen, ob et besser as dass Decisiounen vun all Land eenzel geholl sollen gin oder vun allen Länner aus der Europäescher Gemeinschaft zesummen? ENQUETEUR: KAART L WEISEN ENG ENTWERT FIR ALL PUNKT

	161 eenzel	162 zesummen	163 ?
- D'Ennerscheeder zwëschent den Regiounen méi kleng maachen, andeems denen manner entwëckelten Regiounen geholl ef gët	1	1	1
- D'Natur schützen a géint Verschmotzung kämpfen	2	2	2
- Géint Präissteigerungen kämpfen	3	3	3
- D'Wirtschaft ukuerbelen fir besser géint de Chômage ze kämpfen	4	4	4
- D'Energieversuergung garantéieren	5	5	5
- De Länner aus der Drëtter Welt hëllefen	6	6	6
- D'Sécherheet vu Lëtzebuerg garantéieren géint momentan oder zukünfteg Drohungen vu baussen	7	7	7

164. Op dëser Lëscht stin verschidden industriel Installatiounen. KAART M WEISEN.
Kënnt Dir mir déi dräi nennen, déi Ärer Meenong no, de gréissten Risiko fir d'Leit déi ronderëm wunnen, duerstellen.
(3 ENTWERTEN MEIGLECH)

1 - Eng Petrolsraffinerie
2 - En Elektrizitéitswierk dat matt Kuehlen fonktionnéiert
3 - E grousse Flughafen
4 - Eng Fabrik vun Nahrungsmëttel
5 - En Atomkraaftwierk d.h. e Kraaftwierk, dat Atomenergie benotzt fir Elektrizitéit ze produzéieren
6 - Eng chemesch Fabrik: Chlore, Ammoniak, Schwiefelseier
7 - Eng Polverfabrik
8 - E Gaswierk
9 - Eng Miwelfabrik
X - E Staudamm fir en Wasserkraaftwierk
0 - ?

165. All industriel Entwécklung kascht Ustrengungen, Zaït a Geld: si kann och verschidden Risken mat sech brengen. Hei sin dräi Meenongen iwert Entwécklung vun Atomkraaftwierker, d.h. Wierker déi Atomenergie benotzen fir Elektrizitéit ze maachen. Kënnt Dir mir soen, wéieng vun dësen Meenongen, Ärer perséinlecher Meenong am noesten kënnt? ENTWERTKATEGORIEN VIRLIESEN

1 .. Et as der Wert
2 .. Et as ouni Interesse
3 .. Et sin onacceptabel Geforen dobäi
0 .. ?

166. Si soen och, dass wann mir keng Atomkraaftwierker entwëckelen, dann missten mir eisen Elektrizitéitsverbrauch erofsetzen. Denkt Dir dass dat wouer as oder nët?

1 - Et as wouer
2 - Et as nët wouer
0 - ?

167. A wann mir unhuelen dass et wouer wär, wär dat ganz schlëmm, zimlech schlëmm, nët ganz schlëmm oder guer nët schlëmm?

1 - Ganz schlëmm
2 - Zimlech schlëmm
3 - Nët ganz schlëmm
4 - Guer nët schlëmm
0 - ?

168. Wat d'Geforen unbelangt, hei ass eng Lëscht vun Geforen déi heiansdo mat der Atomenergie an Zesummenhang bruecht gin. Wéieng aus dëser Lëscht sin déi, déi ee wierklech färten kann?
KAART N WEISEN. MEI ENTWERTEN MEIGLECH

1 - D'Explosioun vun der Zentral
2 - Die radioaktiv Offäll während dem Fonktionnement vun der Zentral
3 - D'Geforen vum Stockage vun den radioaktiven Offäll
4 - Näischt vun all deem
0 - ?

169. Denkt Dir dass am Laaf vun denen nächsten 10 Joer, de Gebrauch vun Elektrizitéit zu Lëtzebuerg weider eropgeet, ongefeier d'selwecht bleiwt, oder erofgeet?

1 - Weider eropgeet
2 - D'selwecht bleiwt
3 - Erofgeet
0 - ?

170. Verschidden Lêit soen, dass an denen Joeren déi kommen, Lëtzebuerg misst sein Undeel vu Petrol an der Produktioun vun Elektrizitéit erofsetzen, an den Undeel vun denen aneren Energieträger eropsetzen fir eis Ofhängegkeet vis-à-vis vum Petrol méi kleng ze maachen.
Schéngt Iech dat eng gud Saach?

1 - Jo
2 - Nee
0 - ?

71/ 73. Fir den zukünftegen grëisseren Bedarf un Elektrizitéit ze decken kënnt d'Produktioun op zwou verschidden Manéieren erfopgesat gin: andeems méi Atomenergie benotzt gët, oder andeems méi Kuehlen an aner fest Brennstoffer benotzt gin. Wéieng Léisung schéngt Iech déi bescht, Atomenergie oder fest Brennstoffer, vum Standpunkt ....

ENG ENTWERT FIR ALL REI

	Atomenergie	Fest Brennstoffer	?
171. .. vum Préis?	1	2	0
172. .. vun enger sécher Versuergung?	1	2	0
173. .. vun der Emwelt?	1	2	0

74. Hut Dir an denen lëschte Joeren déi eng oder déi aner vun dësen Saachen gemaach?
KAART O WEISEN, ENTWERTEN AN D'KOLONN 174

75. Fir dës verschidden Punkten, hut Dir den Androk dass Dir nach méi spueren kënnt wéi bis elo?
ENTWERTEN AN D'KOLONN 175 MEI ENTWERTEN MEIGLECH

174	175	
1	1	- d'Heizkäschten erofsetzen, durch Verbesserung vun der Isolatioun vun Árem Haus (z.b. duebel Fensteren, besser Isolatioun vum Daach, d'Reglëieren vun den Heizkierperen..)
2	2	- d'Heizkäschten erofsetzen, andeems manner gehëtzt gët
3	3	- d'Benzinskäschten erofsetzen (durch manner Fuehren mam Auto, méi luess fuehren)
4	4	- um Geliichts an um Funktionnéieren vun Áren elektréschen Apparaten spueren

76. Hei as eng Lëscht mat verschidden Méiglechkeeten fir doheem ze hëtzen an ze kachen. Dir selwer, woumat nëtzt Dir?
77. An woumat kacht Dir? KAART P WEISEN
78. Woumat géingt Dir am léiwsten hëtzen, ob dat elo dat d'selwecht as woumadder Dir am Moment hëtzt oder nët?
79. A woumat géingt Dir am léiwsten kachen?

Gebraucht		Präferenz		
176 Fir ze hëtzen	177 Fir ze kachen	178 Fir ze hëtzen	179 Fir ze kachen	
1	1	1	1	- Kuehlen
2	2	2	2	- Mazout
3	3	3	3	- Gas
4	4	4	4	- Elektrizitéit
5	5	5	5	- Aner OPSCHREIWEN: .....
0	0	0	0	- ?

80. Hut Dir an Árem Stoot den een oder aneren vun denen folgenden Equipementer? VIRLIESEN - MEI ENTWERTEN MEIGLECH

1 - een oder méi Autoen
2 - e Motorad vun 125 cm^3 oder méi
3 - Zentralheizung
4 - eng Wäschmaschinn
5 - eng Spullmaschinn
6 - en elektréschen Boiler oder en Gasboiler
7 - e Frigo
8 - eng Tiefkühltruh
9 - elektrësch Handwierksgeschirr
X - eng faarwech Televisioun
Y - en Telefon
0 - ?

86. Sid Dir am Allgemengen mat dem Liéwen dat Dir féiert ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden?
1 - Ganz zefridden
2 - Eischter zefridden
3 - Eischter nët zefridden
4 - Guer nët zefridden
0 - ?

87. Sid Dir am Allgemengen ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden, oder guer nët zefridden mat der Art a Weis wéi hei zu Lëtzebuerg d'Demokratie fontionnéiert?
1 - Ganz zefridden
2 - Eischter zefridden
3 - Eischter nët zefridden
4 - Guer nët zefridden
0 - ?

88. Wann et sech em eng Meenong handelt déi Iech zu Härze geet, kënnt et do fir dat Dir Ár Frenn, Ár Famill oder Ár Aarbechtskollegen dervun iwwerzeegt Ár Meenong unzehuelen? Geschitt dat ..
1 .. Dacks
2 .. Heiansdo
3 .. Selen
4 .. Nie
0 .. ?

89/ 90. Et gët vill geschwat iwwer d'Zieler déi Lëtzebuerg sech misst fir déi nächst 10 oder 15 Joer setzen. Op dëser Kaart stin Zieler déi verschidden Leit gär als Prioritéit géingen gesin.
KAART Q WEISEN Kënnt Dir mir soen wat fir eent Dir perséinlech an op d'laang Dauer als dat Eischtwichtegst ugesitt? An wat as Árer Meenong no dat Zweetwichtegst? NEMMEN ENG ENTWERT AN ALL KOLONN

229 éischt	230 zweet	
1	1	- D'Uerdnung am Land ze behalen
2	2	- De Bierger d'Méiglechkeet ze gin fir méi un denen wichtegen Entscheedongen vun der Regierung deel ze huelen
3	3	- Géint Präissteigerung ze kämpfen
4	4	- d'Fräiheet vun der Ried ze garantéieren (fir dass jidfereen dat soen a schreiwen kann, wat hien denkt)
0	0	- ?

91. Wann dir ënner Frënn sid, kënnt et Iech dann dacks, heiansdo, oder nie fir, iwwert Politik ze schwätzen?
1 - Dacks
2 - Heiansdo
3 - Nie
0 - ?

232. Hut Dir an dene leschte Méint eppes an der Zeitung geliéss oder um Radio oder op der Televisioun héieren iwwert d'Europa-Parlament?, dat heescht d'Parlament vun der Europäescher Gemeinschaft (oder "Marché Commun"?)
WA JO, Kënnt Dir Iech erënneren ëm wat et do gaangen as?
ENQUETEUR: NET INSISTEIEREN, NÄISCHT VIRSCHLOEN, MEI ENTWERTEN MEIGLECH

1 - Wahl vun de Memberen vum Europa-Parlament, europäesch Wahlen (oder eng aner ähnlech Entwert)
2 - Eng aner Entwert iwwert d'Europa-Parlament (Wahl vum President, M. Pflimlin, Diskussiounen vum Europa-Parlament, an esou weider)
3 - Eng Entwert déi näischt mam Europa-Parlament ze doen huet
4 - Wees et nët ze soen

WA NEE

5 - Huet weder eppes geliéss nach eppes héieren iwwert d'Europäesch Parlament
0 - ?

233. De leschte Juni sin zu Lëtzebuerg, ewéi an denen aneren Länner vun der Gemeinschaft d'Mémberen vum Europa-Parlament, dat heescht vun der Assemblée vun der Europäescher Gemeinschaft, an allgemengen Wahlen gewiélt gin. Hun d'Leit an ärem Emkrees dës Wahlen als eng ganz wichteg, eng wichteg, eng manner wichteg oder guer keng wichteg Saach ugesinn?

1 - ganz wichteg
2 - wichteg
3 - manner wichteg
4 - guer nët wichteg
0 - ?

234. Fir dës Wahlen, sin vill Leit a verschidden Länner nët wiélen gangen. Vun denen folgenden Grënn, wat sin Ärer Meenong no déi Grënn, fir déi vill Leit nët wiélen gangen sin? KAART R WEISEN MEI ENTWERTEN MEIGLECH

1 - Vill Leit woussten nët ëm wat et richteg gëif goen
2 - Well d'Europäesch Parlament sou wéineg Macht huet, hun vill Leit geduecht et wär nët der Wert sëch ze beméihen fir wiélen ze goen
3 - D'Politësch Parteien an d'Kandidaten hun ze vill iwwert hir national Problemer geschwat an nët genuch iwwer Europa
4 - Et wousst een nët méi genee ween fir an ween géint d'Vereenegung vun Europa as
5 - D'Problemer iwwert déi während der Wahlkampagne am meeschten geschwat gin as, waren nët déi déi d'Leit wirklech interesséiert hun
6 - D'Europäesch Gemeinschaft wärt nie fonktionnéieren, egal wat een och mëcht
7 - Aner Grënn OPSCHREIWEN: .....
0 - ?

235. Dir selwer, wart Dir am Alter fir wiélen ze goen? An WA JO, sid Dir wiélen gangen oder hut Dir nët gewiélt?

1 - war nët al genug — ENQ. Q. 245
2 - ass wiélen gangen
3 - ass nët wiélen gangen — ENQ. Q. 243
4 - ? — ENQ. Q. 243

UN ALL DEI DEI SOEN DASS SE WIELEN GANGEN SIN

236. Hut Dir fir deen Kandidat oder fir déi Partei gewiélt déi Dir am léiwsten hat, oder hat Dir Iech décidéiert fir en aneren Kandidat oder Partei ze wiélen deen Dir manner gär hut, mä deen méi Chancen hat gewiélt ze gin?

1 - Deen deen ech am léiwsten hat
2 - En aneren deen méi Chancen hat gewiélt ze gin
0 - ?

237. Fir dës europäesch Wahlen, hut Dir do vill Wert, e bëssen Wert oder iwwerhaapt keen Wert drop geluert dass verschidden Parteien méi Fraen als Kandidaten haten ewéi anerer?

1 - Vill Wert
2 - E bëssen Wert
3 - Iwwerhaapt kee Wert
0 - ?

238. Méi genee gesoot, géift Dir soen dass de Fait dass Kandidaten Männer oder Fraen waren, fir Ar Waal grad esou wichteg, méi wichteg oder manner wichteg war ewéi hir politësch Tendenz?

1 - Gerad esou wichteg
2 - Méi wichteg
3 - Manner wichteg
0 - ?

241/242. Kënnt Dir mir un Hand vun dëser Kaart soen, wéi enger Lëscht Dir de léschte Juni, fir d'Europawahlen, déi meeschte Stëmmen gin hut? KAART S WEISEN

1 - CSV / PCS
2 - LSAP / POSL
3 - DP / PD
4 - KP / PC
5 - PSI
6 - Gréng Partei / écologistes
7 - Aner Partei
8 - wäiss / guer keng Partei
0 - wees nët / keng Entwert

UN DEI DET SOEN DASS SIE NET WIELEN GANGEN ODER DEI NET OP FRO 235 GEENTWERT HUN (OB SIE STEMMEN WAREN / KONNTEN)

243. Wat as Ärer Meenong no, den Haaptgrond firwat Dir nët wiélen gangen sid?
KAART T WEISEN NET FORCEIEREN NEMMEN ENG ENTWERT

1 - Keen Wahlrecht: Nët op der Wiélerlëscht agedroen
2 - Perséinlech Grënn: Krankheet, Vakanz, beruflëch Grënn
3 - Keen Interesse fir d'Politik, fir d'Wahlen
4 - Keen Interesse fir d'Europawahlen, d'Europäesch Parlament, europäesch Saachen
5 - Feindselegkeet géint déi europäesch Institutiounen oder d'Verbindungen mat Europa
6 - Nët genuch informéiert fir un den Europawahlen deelzehuelen
7 - Et waren keng Parteien oder Kandidaten do déi ech ënnerstetzen konnt
8 - Hun geduecht dass d'Resultater virdrun schon bestëmmt waren
9 - Ech wosst nët dass Wahlen wären
X - Aner Entwert OPSCHREIWEN: .....
0 - ?

244. Elo ewou d'Wahlen eriwwer sin an d'Resultater bekannt sin, deet et Iech Leed dass Dir nët wiélen waat?

1 - Jo
2 - Nee
0 - ?

245. Ob Dir elo matgewiélt hut oder nët: mengt Dir dass d'Europaparlament am Liéwen vun der Europëscher Gemeinschaft eng ganz wichteg, eng wichteg, keng ganz wichteg oder guer keng wichteg Roll spillt?
1 .. ganz wichteg
2 .. wichteg
3 .. keng ganz wichteg
4 .. guer keng wichteg
0 .. ?

246. Dir perséinlech hätt Dir gären dass d'Europaparlament eng méi wichteg Fonktioun oder eng manner wichteg Fonktioun hätt, wéi bis elo?
1 - méi wichteg
2 - manner wichteg
3 - soll d'selwecht bleiwen (SPONTAN)
0 - ?

247. Dass Lëtzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft as, fannt Dir dat am Allgemengen ....
1 .. eng gud Saach,
2 .. eng schlecht Saach, oder
3 .. weder eng gud nach eng schlecht Saach
0 .. ?

248. Alles an allem, géift Dir soen dass Lëtzebuerg dervun profitéiert huet oder nët dass et an der Europäescher Gemeinschaft ass?
1 - Huet profitéiert
2 - Huet nët profitéiert
0 - ?

249. WA JO: Huet Lëtzebuerg méi oder manner profitéiert wéi déi aner Mêmberlänner?
1 - Méi profitéiert
2 - Manner profitéiert
3 - Grad esou vill profitéiert (SPONTAN)
0 - ?

250. Wann een Iech muer géif soen, dass d'Europäesch Gemeinschaft opgeléist géif gin, géingt Dir dat staark bedaueren, wär Iech dat egal oder wär Dir séier erliichtert?
1 - Staark bedaueren
2 - Et wär egal
3 - Ech wär séier erliichtert
0 - ?

251. Sid Dir am Allgemengen dofir oder dergéint dass probéiert gët Westeuropa ze vereenegen? Sid Dir ....
1 .. ganz dofir,
2 .. éischter dofir,
3 .. éischer dergéint, oder
4 .. ganz dergéint
0 .. ?

252. Verschidden Leit betruechten d'Europäesch Gemeinschaft (Marché Commun) als eng éischt Etappe vun enger méi enker Vereenegung zwëschent den Mêmberlänner. Dir perséinlech, fannt Dir dass déi Vereenegungsbewegung vun Europa soll verschnellert gin, gebremst gin oder esou weider gemat gin ewéi elo?
1 - soll verschnellert gin
2 - soll gebremst gin
3 - soll weider gemat gin ewéi elo
0 - ?

253. Verschidden Leit schwätzen driwer, fir d'Mêmberlänner vun der Europäescher Gemeinschaft zesummenzeschléissen an déi sogenannt "Vereenegt Staaten vun Europa", dat heescht eng Sort politësch Unioun wéi déi, déi zwëschent den 50 Staaten vun der USA, oder déi 10 kanadësch Provenzen, besteht.
Fannt Dir déi Idee, fir engesdaags d'Vereenegt Staaten vun Europa ze grënnen Lëtzebuerg abegraff, eng gud oder eng schlecht Idee?
1 - eng gud Idee
2 - eng schlech Idee
3 - dat hängt dovun of (SPONTAN)
0 - ?

254. Wat och ëmmer Dir vun der Idee haalt, denkt Dir dass d'Vereenegt Staaten vun Europa méiglecherweis realiséiert gin, an WA JO, an wéivill Zeit mengt Dir?
1 - bannen 10 Joer
2 - bannen 10 - 15 Joer
3 - an 20 - 30 Joer
4 - an e puer Generatiounen
5 - nie
0 - ?

255. KAART U WEISEN Wann et iwwert d'Politik geet, schwätzen d'Leit vun "Rechts" a "Lenks". Wou géift Dir Iech selwer un Hand vun dësem Skalaire situéieren?
NAISCHT VIRSCHLOEN: P.I. MUSS SËCH AN ENG CASE ASETZEN. WANN SIE ZECKT NACH ENG KEIER FROEN.

LENKS	1	2	3	4	5	6	7	8	9	X 10	RECHTS

? = blank

256. KAART V WEISEN Op dëser Kaart gesid Dir dräi fundamental Haltungen déi ee vis-à-vis vun der Gesellschaft an der mir liéwen kënnt hun. Wat fir eng vun denen dräi Haltungen kënnt am meeschten op déi eraus, déi Dir perséinlech fir richteg haalt? NEMMEN ENG ENTWERT
1 - D'Organisatioun vun eiser jetzeger Gesellschaft muss radikal duerch eng revolutionnär Aktioun geännert gin
2 - Eis Gesellschaft muss Schrëtt fir Schrëtt duerch Reformen verbessert gin
3 - Eis Gesellschaft muss mat Courage géint all méiglech subversiv Kräften verdeedegt gin (déi probéieren géifen sie ëmzestierzen)
0 - ?

257. Gët et eng politësch Partei der Dir méi no stitt ewéi enger anerer? WA JO: Fillt Dir Iech ganz staark mat dëser Partei verbonnen, zimlech verbonnen oder sympathiséiert Dir nëmmen?
1 - staark verbonnen
2 - zimlech verbonnen
3 - ech sympathiséieren nëmmen
4 - ech stin kenger Partei no
0 - ?

258. Ofgesin dervun op Dir an d'Kiirch git oder nët, géif Dir soen dass Dir ....
1 .. religiéis sid
2 .. nët religiéis sid
3 .. en iwwerzeegten Athéist sid
0 .. ?

259. Alles an allem: kënnt Dir mir soen wéi et Iech am Moment geet? Fillt Dir Iech ganz glécklech, zimlech glécklech oder nët ganz glécklech?
1 - ganz glécklech
2 - zimlech glécklech
3 - nët ganz glécklech
0 - ?

60. Wéi ass Ären Zivilstand, sid Dir ....
1 - Jonggesell
2 - Bestued
3 - Liéft Dir zesummen
4 - Sid Dir gescheed
5 - Liéft Dir getrennt
6 - Sid Dir Wittmann/fra

61. Wéi al waart Dir wéi Dir mat Ären (ganztäglechen) Studien opgehalen hut?
1 - bis 14 Joer
2 - 15 Joer
3 - 16 Joer
4 - 17 Joer
5 - 18 Joer
6 - 19 Joer
7 - 20 Joer
8 - 21 Joer
9 - 22 Joer oder méi al
X - studéiert nach

62. Wann am Moment hei zu Lëtzebuerg Chamberwale géife gehale gin, (ENNER 18: a wann Dir kënnt mat wiélen goen) wat fir enger Partei géift Dir dann di meeschte Stëmmen gin? KAART PARTEIEN WEISEN S
1 - C.S.V.
2 - L.S.A.P.
3 - D.P.
4 - K.P.
5 - P.S.I.
6 - Gréng Partei
7 - Aner Partei
8 - wäiss / keng Partei
0 - ?

CODEUR 64 / 65 BLANK

66. Geschlecht P.I.
1 - Mann
2 - Fra

67. Wéini sid Dir gebuer? DATUM AN ALTER NOTEIEREN
.. .. 19..
.. Joer

69. Wéivill Leit liéwen an Ärem Stot, Dir selwer abegraff? 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi
70. Wéivill Kanner tëschent 8 a 15 Joer? 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi
71. Wéivill Kanner ënnert 8 Joer? 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi

72. Mir wëllen d'Resultater vun dëser Etude am Vergläich zum Familjenakommes un de Leit analyséieren. Hei ass eng Monatsakommestabell. KAART AKOMMES WEISEN Mir géife gäre wëssen op wat fir e Niveau Dir Iech situéiert mat alle Verdéngschter an Ärem Stot, ewéi Lëin, Kannergeld, Renten an aner Akommes zesummen, an dat Brutto, also ouni dass d'Steieren an d'Sozialtaaschten ofgehale sin. Sot mir nëmmen d'Nummer vun der Kategorie.
1 - manner ewéi 30.000 Frang am Mount
2 - 30.000 - 39.999 Frang am Mount
3 - 40.000 - 44.999 Frang am Mount
4 - 45.000 - 49.999 Frang am Mount
5 - 50.000 - 59.999 Frang am Mount
6 - 60.000 - 64.999 Frang am Mount
7 - 65.000 - 69.999 Frang am Mount
8 - 70.000 - 79.999 Frang am Mount
9 - 80.000 - 89.999 Frang am Mount
X - 90.000 - 99.999 Frang am Mount
Y - 100.000 - 119.999 Frang am Mount
0 - 120.000 a méi
B - keng Entwert

73. BERUFF VUM P.I. OPSCHREIWEN AN KODEIEREN
.....
1 - Bauer oder Wënzer
2 - Fräiberuffler: Dokter, Affekot, Expert-Comptabel
3 - Commerçant, Artisan, Patron
4 - Aarbechter
5 - Employée oder Fonktionnär bis cadre moyen
6 - Employée oder Fonktionnär cadre supérieur
7 - Pensionnéierten
8 - Hausfra/mann
9 - Schüler, Student, Militärservice
0 - Chômeur

74. NEMMEN WANN DE P.I. E BERUFF HUET
Wéivill Leit schaffen do wou Dir schafft?
1 - Manner ewéi 5
2 - 5 bis 49
3 - 50 - 499
4 - 500 oder méi

75. Sid Dir de Familjenvirstand?
1 - Jo NÄCHST FRO IWERSCHLOEN
2 - Nee

76. BERUFF VUM FAMILJENVIRSTAND?
.....
1 - Bauer oder Wënzer
2 - Fräiberuffler: Dokter, Affekot, Expert-Comptabel
3 - Commerçant, Artisan, Patron
4 - Aarbechter
5 - Employée oder Fonktionnär bis cadre moyen
6 - Employée oder Fonktionnär cadre supérieur
7 - Pensionnéierten
8 - Hausfra/mann
9 - Schüler, Student, Militärservice
0 - Chômeur

77.

LUXEMBOURG-VILLE	5	ESCH/ALZETTE	4	ETTELBRUCK	2	MERTERT	1
HESPERANGE	2	DIFFERDANGE	3	DIEKIRCH	2	WORMELDANGE	0
WALFERDANGE	2	DUDELANGE	3	WILTZ	1	CONSDORF	0
MERSCH	1	PETANGE	3	REDANGE	0	BIWER	0
STRASSEN	1	SANEM	3	CLERVAUX	0	BERDORF	0
BERTRANGE	1	BETTEMBOURG	2	USELDANGE	0	BECH	0
NIEDERANVEN	1	SCHIFFLANGE	2	BOURSCHEID	0	ECHTERNACH	1
CONTERN	0	KAYL	2	MEDERNACH	0		
LAROCHETTE	0	MAMER	2	MUNSHAUSEN	0		
HEFFINGEN	0	BASCHARAGE	1	GROSBOUS	0		
		RUMELANGE	1	SAEUL	0		
		STEINFORT	1	ESCH / SURE	0		
		LEUDELANGE	0				
		FRISANGE	0				

78. Géift Dir soen dass Dir ....
1 .. um Land oder an engem Duerf liéwt
2 .. an enger klenger oder mëttelgrousser Stad liéwt
3 .. an enger grousser Stad

79.

ZENTRUM	1	SUDEN	2	NORDEN	3	OSTEN	4

121. Wéieng Sproch gët bei Iech hei heem geschwat?
1 - Franzéisch
2 - Däitsch
3 - Lëtzebuergesch
4 - Aner Sproch